ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Op meng Fro vum 19. Januar 2021 hat den Här Premierminister geäntwert, datt der Regierung keng Informatioune géife virleien, ob Lëtzebuerger Kämpfer a Spunien bei enger vun de Konfliktparteien a Krichsverbrieche verwéckelt waren oder net. Am spuenesche Biergerkrich vun 1936 bis 1939 hu ronn 100 Männer aus Lëtzebuerg, dorënner ronn 60 Lëtzebuerger Staatsbierger, sech den internationale Brigaden a Spuenien ugeschloss fir ze kämpfen. Hei ass et zu Massaker a Krichsverbrieche komm, an zwar net nëmme bei de Franco-Putschiste mee op béide Säiten. Doraus ergi sech fir mech dës weider Froen:

1. Ass d'Regierung net gewëllt, am Hibléck op eng eventuell Éierung vun de Kämpfer bei der Gëlle Fra, eng Studie an Optrag ze ginn fir erauszefannen op et bei Massaker a Krichsverbriechen eng Lëtzebuerger Bedeelegung gouf?
2. An engem Artikel am Tageblatt vum 19.2.2021 gëtt beschriwwen, datt et op Säiten vun de Kämpfer vun der republikanescher Säit dräi méiglech Motivatioune gouf, fir sech den internationale Brigaden unzeschléissen: „eine demokratische, eine linksradikale (Anarchisten und Trotzkisten) und eine kommunistisch-sowjetische". Oft konnten sech an interne Kämpf vun de republikaneschen Truppen, déi prosowjetesch, antidemokratesch Kräften duerchsetzen. Gëtt et an deem Sënn Studien, déi d'Motivatioun vun de Kämpfer aus Lëtzebuerg, behandelt hunn? Kann d'Regierung ausschléissen, datt eng Partie vun de Kämpfer fir eng autoritär kommunistesch Diktatur nom Modell vun der stalinistescher Sowjetunioun gekämpft hunn, esou wéi et och vill aner Kämpfer gemaach hunn? Kann d'Regierung ausschléissen, datt aner Kämpfer op der Säit vum Franco gekämpft hunn?
3. Ass et am Kontext vun all dësen oppene Froen engersäits, awer och Fakten anerersäits, an den Ae vun der Regierung ubruecht, den Krichsasaz fir d'republikanesch Republik global als Kampf fir Demokratie an Mënscherechter ze bezeechnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten